



Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5307 vum 30. November 2021 vum honorabelen Députéierten Här Jeff Engelen.

Als Impfduerchbroch bezeechent d'Gesondheetsdirektioun Fäll vu Covid-19 bei deenen een positiven PCR Test op mannst 14 Deeg no der 2. Dos vun Vaxzevria, Comirnaty oder Spikevax, respektiv op mannst 28 Deeg no der 1. Dos vun Janssen virleit.

Esou Impfduerbréch gouf et bis den 05.12.21 bei 7707 Leit (2.1%) vun 365.941 voll geimpften Leit.

Bis den 15.12.2021 hunn 156 Patienten mat Impfduerchbréch missten exklusiv wéinst Covid-19 an der Klinik behandelt ginn. Vun deenen woren 94 mat Comirnaty, 48 mat Vaxzevria, 9 mat Janssen a 5 mat Spikevax geimpft. Déi Infektiounen lounge am Duerchschnëtt 160 Deeg no der leschter Impfung zréck.

Et goufen an dem Zäitraum 98 Patienten mat Impfduerchbréch déi Covid-19 haten, mee wou den Covid-19 net de Grond vun dem Klinikopenthalt war. Wou genau sech dës Persounen ugestach hunn (d.h. an der Klinik oder virun dem Klinikopenthalt), ass nët bekannt.

Lëtzebuerg, den 17. Dezember 2021

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert